



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2019

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours du président de la Chambre des députés,

Fernand Etgen

Altesses Royales,
Här Staatsminister,
Kolleegeinnen a Kolleegeen aus der Chamber an der Regierung,
Exzellenzen,
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Offiziell Riede gehéieren zu Nationalfeierdag wéi d'Freedefeier zum Virowend vun dësem offizielle Gebuertsdag vun eisem Staatschef. Eng Ried um 23. Juni gëtt Ulass fir ëffentlech nozedenken, fir ze kucken, wat eis zesammenhält, fir eis Gedanken ze maachen iwwert den Zoustand an d'Perspektive vun eisem Land.

Mir hunn eisen eegene Stil fir ze feieren. Zentral an der Stad mat dëser würdiger Feier an der Philharmonie, der Militärparad an engem feierlichen Te Deum de Mëtten an der Cathedral. Awer och dezentral gëtt gefeiert, am ländliche Raum: A ville Gemengen ass den Nationalfeierdag déi Geleeënheet, wou déi meeschte Bierger zesumme sinn an zesumme feieren. Jiddereen ass agelueden an dës Manifestatioune si gutt besicht vun allen Nationalitéiten. Si sinn Ausdrock vu flottem Zesummeliewen.

Nationalfeierdag ass och d'Geleeënheet, fir deem ze gedenken, wat eis Virfaren, Grousselteren an Elteren, eis duerch vill Fläiss an Aarbicht hannerlooss hunn: ee wonnerschéint Land. Ee Land mat Fräiheet, Fridden, Sécherheet a Wuelstand.

Ee Land, wou mer eis wuelfillen, an deem mer eis fräi entfalten an eis Identitéit liewe kënnen. Eng Identitéit, déi duerch ënnerschiddlich kulturell Aflëss gepräagt ginn ass an eis zu deem gemeet huet, wat mer haut sinn:

Mënschen, déi d'Lëtzebuurger Sprooch gären hunn, op Lëtzebuergesch twitteren a simsen, déi awer och bewosst op d'Méisproochegkeet setzen.

Mënschen, déi sech zu Europa, senger Vilfalt a senge Wäerter bekennen.

Mënschen, déi fir Oppenheet, Solidaritéit, Fläiss, Disziplin, éierenamtlichen Engagement, Entrepreneursgescht an d'Qualitéit vun hirer Aarbicht geschätzt ginn.

Mënschen, déi d'Villsäitegkeet vun eisem klengen Land appreciéieren: Di eng wunne gären an enger lieweger Stad, anerer léiwer um Land mat enger schéiner Landschaft.

Mënschen, déi sech duerch Kreativitéit an Innovatiounsgeescht auszeechnen. Si all wëssen eis Traditiouns- a Qualitätsprodukter aus der Regioun ze schätzen, well dës eng onverwiesselbar Identitéit schafen a well si ee Stéck vun der Natur a vun der Landschaft zréckspigelen. Lëtzebuerg kann op

héichwäerteg Produkter an der Landwirtschaft, am Wäibau, an der Industrie, am Handel, bei de Finanzen an am Handwierk zrëckgräifen.

Lëtzebuerg geet et haut gutt! Dorobber kënne mer houfreg sinn.

All dës Qualitéite verdanke mir awer och der Stabilitéit vun eiser Demokratie.

D'Demokratie ass näischt Statesches, si leeft an entwéckelt sech a muss konstant gefleegt ginn.

Dëst Joer feiere mir den 100. Gebuertsdag vum allgemenge Wahlrecht hei zu Lëtzebuerg.

An enger Ausstellung wäerte mir dee laange Wee opweisen, deen et gebraucht huet, fir dëst elementaart politischt Recht en place ze setzen.

Haut si Matbestëmmung, Fridden a Fräiheet fir eis dacks selbstverständlich, mee wa mir an der Geschicht zrëckkucken, gesi mir, wéi wichteg et ass, fir sech all Dag fir déi Wäerter anzesetzen.

Dëst Joer feiere mir op ville Plaze 75 Joer Befreiung an Enn vum Zweete Weltkrich.

Mir éieren déi, déi an Europa an heiheem dat Béist verjot hunn. Si hunn e grouse Verdingscht drun, datt dem Nationalsozialismus an Europa en Enn gesat konnt ginn an d'Demokratie erëm konnt hiergestallt ginn. Hinne gëllt eise grouse Merci.

Et soll e Moment sinn, an deem mir zrëckkucke sollen, fir eis erëm bewusst ze ginn, wéi wichtig et ass, alle Forme vun Diktatur entgéintzewierken.

Mir feieren dësen Anniversaire queesch duerch d'Land, fir sou zum Ausdrock ze bréngen, datt all Duerf, jiddwer Awunner säin eegene Krich, seng eege Befreiung erlieft huet.

Altesses Royales,
Exzellenzen,
Dir Dammen an Dir Hären,

Fir de Fridde weider ze garantéieren, brauche mir Europa, méi Europa. Méi Europa ass déi eenzig Äntwert an eiser globaliséierter Welt. Et wier suizidär, fir an egoistisch, national, jo nationalistisch Reflexer zrëckzefalen. Europa ass net de Problem, Europa ass d'Léisung. Europa ass net just Geschicht, Europa ass och - a grad elo - EIS Zukunft. A besonnisch d'Zukunft vun de Kanner an deene Jonken.

Lëtzebuerg ass eng vun den driiwende Kräften an Europa. Dat verdanke mir ënnert anerem enger typescher Lëtzebuenger Dugend, nämlech der Fäegkeet, Solidaritéit ze weisen a Brécken ze bauen. Dës Bréckefunktioun musse mer weider notzen.

A mir sinn dankbar, datt Dir, Altesses Royales, dës Bréckefunktioun ëmmer ënnerstëtzt a ganz konkret Hand mat upaakt, hei zu Lëtzebuerg an am Ausland. Duerch Ären Asaz, Är Suergfalt an Är Haltung, gradesou wéi déi vun der Grande-Duchesse Charlotte an dem Grand-Duc Jean – un dee mer haut och ganz besonnisch denken -, sti mir grouss do an der ganzer Welt.

Lëtzebuerg kann zouversichtlich an d'Zukunft kucken.

Vive de Grand-Duc,
Vive d'Groussherzoglich Famill,
Vive Lëtzebuerg a vive Europa.